PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Konsumenteschutz weiderzeleeden.

Verschidde Luetstatiounen hei am Land weisen dem Client net un, wéi vill Stroum e gelueden huet. Deemno kann de Client net novollzéien, wéi vill Stroum en gezaapt huet, wat eng transparent Berechnung onméiglech mécht.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Moossnamen an national Reegele suergen dofir – am Sënn vum Konsumenteschutz – dass de Client op enger Luetstatioun de Präis vun enger Charge op enger Luetstatioun muss duergeluecht kréien?

2. Wéi vill Luetstatiounen hei am Land weisen dem Client **net** wéi vill Stroum e gelueden huet?
   Sinn dës Luetstatiounen am Aklang mat eise Gesetzer an Normen?

3. U wien kënne Clienten sech, am Fall wou si sech bedru fillen, an dësem Fall wenden?

4. Mussen d'Luetstatiounen an Zukunft uweisen, wéi vill Stroum geluede gëtt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député